

De Reider

vun der Noumer Gemeng

N° 2 / 2024

Sommaire

- S. 3 Gemeng
- S. 10 Syndikater, Kommissioun,
Veräiner a Leit
- S. 26 Schoul, Maison relais a
Crèche
- S. 41 Agenda



Informationsblat vun der
Gemeng Noumer N° 2/2024

Editeur:

De Schäfferot vun der Noumer
Gemeng

Redaktioun:

Gemeng Noumer

Gestaltung:

Carine Schilling

Drock:

Autisme Luxembourg asbl
Papier Circle Offset, besteet zu 100% aus
recycléiertem Pabeier

Déi nächst Editioun vum Reider:

Viraussichtlech Enn September 2024



Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Noumer,



Elo ass et scho quasi 1 Joer hier, dass mir als Schäfferot an der Stad an der Beaumontsgaass waren an do vun der Madame Taina Bofferding vereedelegt gi sinn. Ee Joer wat méi séier ëmgaangen ass wéi ech mir dat erduecht hunn. An awer war et ee Joer mat immens vill verschiddenen Aufgaben an Hürden. Et war awer och ee Joer wat mech weider motivéiert fir weider ze maachen a mech sou fir eis Gemeng an d'Leit anzusetzen.

Eppes wat eis als Gemeng an deem Joer awer ganz vill geprägt huet war den Télévie!

Jo ech menge mir hunn dëst all matkritt, dass d'Gemeng Noumer dëst Joer ee vu 4 Centres de Promesses vum Télévie war.

Mir als kleng Gemeng Noumer hunn all de Leit dobausse gewisen wat mir fir eng schéi kleng Gemeng sinn. Mir hunn awer och all de Leit dobausse gewisen, dass mir eng Gemeng si wou d'Leit zesummen hale, wou et nëmme geet!

Dofir kann ech haut hei soen, datt mir als klengste Centre de Promesses et fäerdeg bruecht hunn, deen déckste Schéck den 20.04.2024 beim Télévie ze iwuerreechen! Am ganzen hate mir do 146.141,33 € zesumme kritt! Wat ee mega Resultat ass, a woumat ech och ni gerechent hat wéi mir dee Projet am November ugang sinn!

Dobäi wëll ech awer och de verschiddene Veräiner, Kommissiounen, Betriber, dem ganze Léierpersonal, den Elteren, dem ganze Gemeengepersonal an och dem Comité d'Organisation vum Télévie ee ganz ganz grouse Merci ausschätzen. Ouni all déi Leit an Hëllef wier dëst guer net méiglech gewiescht.

Och an Zukunft kënn nach vill Aarbecht op eis duer a mir si mam Gemengen- a Schäfferot beim Plangen an Ëmsetze vu ville flotte Projeten dobäi. Beim Gemengenatelier ass et gläich sou wäit an do kéint et dese Wanter nach lass goen, wann elo kee gréissere Problem dertëscht kënn. Och dat Thema Schoul läit eis als Gemengen- a Schäfferot um Häerz a mir stinn do am enke Kontakt mat der Architektin fir do ee flotte Projet fir eis Kanner ze plangen.

Esou kuerz virun der grousser Sommervakanz wënschen ech elo schon all de Kanner, den Elteren an och dem Léierpersonal eng ganz schéin an erhuelsam Vakanz.

Mat beschte Gréiss,

Sophie Diderrich

Buergermeeschtesch

Gemeng Noumer

Telefonzentrale
Standard téléphonique
 83 73 18 - 200

E-Mail Adresse:
Adresse électronique
 commune@nommern.lu

Einwohnermeldeamt
Bureau de la population
 population@nommern.lu

Gemeindesekretariat
Secrétariat communal
 Laurent Reiland Tel.: 83 73 18 - 210
 secretariat@nommern.lu

Sabrina Nothar Tel.: 83 73 18 - 215
 sabrina.nothar@nommern.lu

Carole Risch Tel.: 83 73 18 - 211
 carole.risch@nommern.lu

Carine Schilling Tel.: 83 73 18 - 205
 carine.schilling@nommern.lu

Gemeindekasse
Recette communale
 Nathalie Hallé Tel.: 83 73 18 - 220
 recette@nommern.lu

Technischer Dienst
Service technique
 Mike Scholtes Tel.: 83 73 18 - 250
 technique@nommern.lu

Etienne Bayenet Tel.: 83 73 18 - 230
 etienne.bayenet@nommern.lu

Natascha Kridel Tel.: 83 73 18 - 240
 natascha.kridel@nommern.lu

Guy Seil Tel.: 83 73 18 - 801
 guy.seil@nommern.lu

Schöffenkollegium
Collège des bourgmestre et échevins
 Wir bitten Sie, Termine telefonisch
 beim Gemeindesekretär zu beantragen.
 Nous vous prions de bien vouloir
 demander un rendez-vous auprès du
 secrétaire communal.

Adresse
 31, rue Principale
 L-7465 Nommern

Öffnungszeiten
Heures d'ouverture

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
mardi & jeudi (sur rdv)**	8:00 - 11:30	joignable par tél. telef. erreichbar
mercredi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 16:00
vendredi	fermé	fermé

Dienstags und donnerstags sind wir zudem
 von 14:00 - 16:00 Uhr telefonisch erreichbar.
 En outre nous sommes joignables par téléphone
 de 14:00 - 16:00 les mardis et jeudis.
 Bei einem Todesfall freitags, an Wochenenden
 und Feiertagen können Sie folgende Nummer
 anrufen : 83 73 18 - 800
 En cas d'un décès le vendredi, pendant les
 weekends et jours fériés vous pouvez appeler le
 numéro suivant : 83 73 18 - 800

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
mercredi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	
jeudi (sur rdv)**	8:00 - 11:30	

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
-------------------	--------------	---------------

ou sur rendez-vous

Während der anderen Bürostunden ist der tech-
 nische Dienst telefonisch erreichbar.
 Pendant les autres heures de bureau, le
 service technique peut être contacté par
 téléphone.

Gemeindeförsterin
Préposée forestière
 Martine Zangerlé Tel.: 621 202 146
 martine.zangerle@anf.etat.lu
 Termine nur auf Anfrage
 Uniquement sur rendez-vous

* ohne Termin

** nur nach Terminvereinbarung

Gemengereglementer

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les décisions ci-dessous sont portées à la connaissance du public :

Modification ponctuelle du PAG à Cruchten, Rue Principale

Par délibération du 13 décembre 2023 le conseil communal a approuvé le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Nommern au lieu-dit Rue Principale à Cruchten. Ladite délibération du conseil communal a été approuvée par décision de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 28 mars 2024, réf. : 1C/016/2023. La publication de la décision d'approbation a été faite aux tableaux d'affichages officiels de la commune du 11 au 26 avril 2024.

Lotissement de terrains à Schrondweiler, Rue de l'Ecole

Par délibération du 5 février 2024, le conseil communal a refusé un lotissement de terrains visant la répartition en deux lots d'un terrain d'une contenance de 12 ares inscrit au cadastre de la commune de Nommern, section B de Schrondweiler, sous le numéro 70/1606, tels que ces lots sont prévus sur le projet de morcellement dressé par le bureau de géomètres officiels GEOCAD le 5 septembre 2023, référence GEOCAD no 13112-01(c).

Lotissement de terrains à Nommern, Rue Principale

Par délibération du 5 février 2024, le conseil communal a approuvé un lotissement de terrains visant la répartition en deux nouveaux lots de deux terrains d'une contenance totale de 54,60 ares inscrits au cadastre de la commune de Nommern, section A de Nommern, sous les numéros 785/1407 et 785/1408, tels que ces lots sont prévus sur le projet de morcellement dressé par le bureau de géomètres officiels TERRA G.O. le 12 septembre 2023, référence 2023158NOM.

Modification du règlement de circulation communal (avenant 6)

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que par décision du 25 mai 2023, le conseil communal a arrêté les modifications au règlement de circulation communal suivants :

Art. 1er

Le chapitre I "Dispositions générales" est complété par un nouvel article libellé comme suit:

2/4 CHEMIN OBLIGATOIRE POUR CYCLISTES ET PIETONS

2/4/1: Chemin obligatoire pour cyclistes et piétons

Pour les voies énumérées au chapitre II et se référant à l'article 2/4/1, l'accès aux tronçons désignés est réservé aux piétons, aux piétons utilisant un engin de déplacement personnel et aux conducteurs de cycles. L'accès en est interdit aux conducteurs d'autres véhicules et aux conducteurs d'animaux, sans préjudice de l'article 104 modifié du Code de la route.




Art. 2.

Le chapitre II "Dispositions particulières" est complété par des nouvelles rubriques: Cruchten (Kruuchten): **piste cyclable communale Eeschbiërg**

Art. 3.

Au chapitre II "Dispositions particulières", la rubrique concernant la piste cyclable communale Eeschbiërg à Cruchten (Kruuchten) est complétée par la disposition suivante:

Article	Libellé	Situation	Signal
2/4/1	chemin obligatoire pour cyclistes et piétons	- sur toute la longueur	

Art. 4

Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

Ladite décision du conseil communal a été approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 24 octobre 2023, ainsi que par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 27 octobre 2023, réf. : 322/23/CR.

Modification du règlement de circulation communal (avenant 7)




Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que par décision du 11 mars 2024, le conseil communal a arrêté les modifications au règlement de circulation communal suivants :

Art. 1^{er}

Au chapitre II "Dispositions particulières", la rubrique suivante est renommée :
Cruchten (Kruuchten) : **piste cyclable communale Eeschberg** vers **chemin cyclable Eeschberg**

Art. 2.

Au chapitre II « Dispositions particulières », la rubrique concernant le **chemin cyclable Eeschberg à Cruchten (Kruuchten)** est complétée par les dispositions suivantes:

2/4/1	chemin obligatoire pour cyclistes et piétons	- sur toute la longueur, dans les deux sens	
3/1/1	Cédez le passage	- à l'intersection avec le Chemin Glaberwee	
3/2/1	arrêt	- à l'intersection avec la rue Principale (CR123)	

Art. 3.

Les infractions aux dispositions de la présente modification sont punies conformément aux dispositions de l'article 7 de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

Ladite décision du conseil communal a été approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 18 mars 2024, ainsi que par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 21 mars 2024, réf. : 322/24/CR.

Règlement de circulation à caractère temporaire

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que par décision du 11 mars 2024, le conseil communal a arrêté le règlement de circulation à caractère temporaire concernant la Rue Principale à Schrondweiler, en vigueur du 2 au 26 avril 2024.

Ladite décision du conseil communal a été approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 18 mars 2024, ainsi que par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures en date du 21 mars 2024, réf. : 322/24/CR.

Règlement de circulation à caractère temporaire

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que par délibération du 4 juin 2024, point de l'ordre du jour n° 8, le conseil communal a confirmé le règlement de circulation d'urgence à caractère temporaire édicté le 22 mai 2024 par le collège des bourgmestre et échevins comme suit :

Art. 1^{er}

Pendant la phase de montage respectivement de démontage de la grue, l'accès à la voie publique citée ci-dessous, sur le tronçon désigné, est interdit dans les deux sens aux conducteurs de véhicules et d'animaux :

- Cruchten, Rue de la Montagne
 - à hauteur de la maison 13-A

Les conducteurs de véhicules et de machines investis d'une mission de gestion et de contrôle du chantier sont autorisés à y accéder.

Cette interdiction est indiquée par le signal C,2a.

Une déviation est mise en place.

Art. 2

Pour la voie publique citée ci-dessous, sur le tronçon désigné, la circulation est réglée pour la durée des travaux et suivant les besoins du chantier comme suit :

- Cruchten, Rue de la Montagne
 - à hauteur de la maison 13-A

A,4b Chaussée rétrécie

A,15 Travaux

B,5 Priorité à la circulation venant en sens inverse

B,6 Priorité par rapport à la circulation venant en sens inverse

D,2 Contournement obligatoire

Ces dispositions sont indiquées conformément aux prescriptions du code de la route.

Art. 3

Pour la voie publique citée ci-dessous, sur le tronçon désigné, le stationnement est interdit des deux côtés de la voirie pour la durée des travaux et suivant les besoins du chantier comme suit :

- Cruchten, Rue de la Montagne
 - tronçon à partir de la maison 11 jusqu'à la maison 13-B

Cette interdiction est indiquée par le signal C,18 complété d'un panneau additionnel indiquant la durée de la présente disposition.

Art. 4

La disposition de l'article 1^{er} est en vigueur :

- jeudi, le 6 juin 2024 à partir de 11:00 heures jusqu'à la fin des travaux de montage de la grue et expireront au plus tard à 15:00 heures le même jour ;
- vendredi, le 26 juillet 2024 à partir de 8:30 heures jusqu'à la fin des travaux de démontage de la grue et expireront au plus tard à 12:30 heures le même jour.

Art. 5

Les dispositions de l'article 2 sont en vigueur du jeudi, le 6 juin 2024 à partir de 15:00 heures jusqu'à la fin des travaux en cause et expireront au plus tard vendredi, le 26 juillet 2024 à 8:30 heures.

Art. 6

Les dispositions de l'article 3 sont en vigueur du jeudi, le 6 juin 2024 à partir de 8:00 heures jusqu'à la fin des travaux en cause et expireront au plus tard vendredi, le 26 juillet 2024 à 12:30 heures.

Art. 7

Les infractions aux dispositions du présent règlement seront punies conformément à l'article 7 modifié de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

Autorisations de bâtir

Année	No.	Objet de la demande	Lieu	Date autorisation
2024	20	Mise en place d'une installation photovoltaïque	1, Rue Geischleid L-9184 Schrondweiler	18.04.2024
2024	21	Mise en place d'une installation photovoltaïque	4, Lengerwiss L-9184 Schrondweiler	18.04.2024
2024	22	Aménagement des alentours de l'immeuble existant	22, Rue de l'Ecole L-9184 Schrondweiler	18.04.2024
2024	23	Construction de deux lucarnes et aménagement des combles d'une maison unifamiliale	23, Kierchestrooss L-9184 Schrondweiler	25.04.2024
2024	24	Remplacement d'une fenêtre par une porte d'entrée de garage	37, Rue de l'Eglise L-7421 Cruchten	25.04.2024
2024	25	Construction d'un abri de jardin	13B, Rue de la Montagne L-7420 Cruchten	25.04.2024
2024	26	Construction d'une couverture pour une fosse à lisier	30, Rue Principale L-7431 Oberglabach	08.05.2024
2024	27	Construction d'une terrasse non couverte	11, Rue de l'Eau L-7465 Nommern	17.05.2024
2024	28	Modification de l'autorisation 45-2022 du 12 juillet 2022	1, Kierchestrooss L-9184 Schrondweiler	17.05.2024
2024	29	Rénovation de la façade d'une maison bi-familiale	16, Rue des Chapelles L-7421 Cruchten	17.05.2024
2024	30	Mise en place d'une installation photovoltaïque	1, Klengbuerghaff L-9184 Schrondweiler	17.05.2024
2024	31	Installation d'une pompe à chaleur	5, Huele Wee L-7421 Cruchten	17.05.2024
2024	32	Installation d'une pompe à chaleur	8, Lengerwiss L-9184 Schrondweiler	17.05.2024
2024	33	Mise en place d'une installation photovoltaïque	2, Rue Principale L-9184 Schrondweiler	17.05.2024
2024	34	Modification de l'autorisation 49-2022 du 12 juillet 2022	13, Kierchestrooss L-9184 Schrondweiler	24.05.2024
2024	35	Réaménagement de l'accès carrossable et piétonnier de la maison unifamiliale	2, Kinnekswee L-7421 Cruchten	24.05.2024



klima-agence

GEMENG NOUMER



Wie wäre es, wenn die Wärmepumpe Ihnen ... eine effiziente und umweltfreundliche Lösung für die Beheizung Ihrer Wohnung bieten würde?

In einer Zeit, in der der Fokus auf nachhaltigen Lösungen liegt, gewinnen Wärmepumpen zunehmend an Bedeutung. Diese bewährte Technologie bietet nicht nur eine effiziente Möglichkeit zur Beheizung von Gebäuden, sondern ist auch eine vielversprechende Alternative, um die Umweltauswirkungen zu minimieren.

Denn Wärmepumpen nutzen die in der Umwelt verfügbare Wärmeenergie, sei es in der Luft oder im Boden, um Wärme zu erzeugen. Um diese Effizienz zu messen, wird der COP (Coefficient of Performance) herangezogen, der das Verhältnis zwischen der erzeugten Heizwärme (kWh) und der dafür benötigten Strom (kWh) ausdrückt. Im Vergleich zu fossilen Heizsystemen bieten Wärmepumpen aufgrund ihrer Energieeffizienz einen erheblichen Vorteil.

Vorurteile gegen Wärmepumpen

Es gibt immer noch viele Mythen über Wärmepumpen, wie z. B. „Wärmepumpen können nicht in Altbauten eingesetzt werden“. Aber auch in Altbauten ist die Wärmepumpe eine Option, auch unter Verwendung der vorhandenen Heizkörper. Lediglich die Effizienz ist in der Regel etwas geringer als in Neubauten mit Fußbodenheizung.

Sie planen, eine Wärmepumpe in Ihrem Haus zu installieren? Klima-Agence stellt

Ihnen eine Checkliste über Wärmepumpen in Wohngebäuden zur Verfügung, damit Sie beim Einbau einer solchen Anlage den Überblick behalten. In dieser von unseren Experten erstellten Liste finden Sie die Elemente, die Sie bei der Installation und dem Betrieb eines solchen Systems beachten müssen: die Einstellungsmöglichkeiten Ihrer Anlage, die erforderlichen Genehmigungen, die durchzuführenden Kontrollen und die verschiedenen Wärmepumpentypen. Das Dokument bietet ein kurzes Glossar und erklärt Fachbegriffe, über die Sie als Laie stolpern könnten. Nutzen Sie auch die Beratung von Klima-Agence, falls Sie noch weitere Fragen haben.

Hier finden Sie die Checkliste



Kulturkommissioun

Scheckiwwerreechung vun der Noumer Gemeng un d'Fondatioun Autisme Luxembourg



v. l. n. r.

Nicolas Decker, Patrick Simon, Malou Biren-Modert, Sophie Diderrich, Laurent Fohl, Alain Ries, Alphonse Classen, Pol Arlé

Beim alljährlichen Chrëschtconcert, organiséiert vun der Kulturkommissioun Noumer, sinn den 9. Dezember 1.137,24 Euro un Donen zesumme komm. D'Kommissioun hat am Virfeld vum Concert entscheed, datt dëst Joer d'Quête un d'Fondation Autisme Luxembourg goe sollt. Dëse Betrag gouf vun der Gemeng ëm 600 Euro erhéicht, sou datt e Schéck am Gesamtwäert vun 1.737,24 Euro konnt iwwerrecht ginn. Bei der Scheckiwwerreechung un d'Fondation Autisme Luxembourg, déi vum Malou Biren-Modert an dem Patrick Simon vertrauede gouf, waren nieft der Buergermeeschtesch Sophie Diderrich an dem Schäffen Nicolas Decker och Representante vun der Kulturkommissioun an de Noumer Museksfrënn present.

ACHTUNG VOR BETRUG !



In den letzten Jahren sind Betrugsaschen immer häufiger geworden. Und die Betrüger lassen sich immer wieder neue Tricks einfallen, um ihren Opfern das Geld aus der Tasche zu ziehen. Lassen Sie sich nicht täuschen!

ONLINE- ODER TELEFONBETRUG

- Haben Sie ungefragt eine Nachricht erhalten, in der Sie aufgefordert werden, Ihre Bankdaten mitzuteilen?
- Erhielten sie einen Anruf einer Person, die behauptet, mit Ihnen verwandt und in Not zu sein und dringend Geld zu brauchen?
- Haben Sie in sozialen Netzwerken ein lukratives Angebot zum Kauf eines Produkts gesehen oder hat jemand Sie über ein solches Netzwerk kontaktiert, um Sie an einer Geldinvestition zu beteiligen?



ACHTUNG!

- Wenn eine Person Sie nachdrücklich nach Geld, Wertsachen oder einer Kautions fragt und Sie unter Druck setzt, geben Sie nicht nach.
- Geben Sie niemals persönliche Informationen oder Bankdaten weiter, wenn eine Person Sie per E-Mail, SMS oder über einen anderen Nachrichtendienst darum gebeten hat.
- Klicken Sie niemals auf einen Link, den eine unbekannte Person Ihnen geschickt hat.
- Wenn Sie Zweifel an der Herkunft einer Nachricht haben, wenden Sie sich an die betreffende Bank, Firma oder Behörde, um die Echtheit der Nachricht zu überprüfen.



Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich so schnell wie möglich an die Polizei, damit die notwendigen Schritte eingeleitet werden können.

Natur- a Geopark Mëllerdall

Wenn die Obstbäume im Winter grünen

Als Sträußchen über der Tür hängend, ist die Mistel in einigen Ländern fest in der Weihnachtstradition verankert. In den Streuobstwiesen (lux.: Bongerten) stellt sie allerdings einen erheblichen Stressfaktor dar. Es gibt zwei heimische Mistelarten; die Laubholz-Mistel (*Viscum album*) die verschiedene Laubbaumarten befällt und die Nadelholz-Mistel (*Viscum laxum*), die, wie der Name schon sagt, nur auf Nadelhölzern vorkommt. Die immergrüne Mistel ist ein Halbschmarotzer, d.h. sie lebt als Parasit auf Bäumen. Mit Hilfe wurzelähnlicher Organe, die bis zu 30 cm tief in die Äste des Baumes reichen, entzieht die Mistel dem Baum Wasser und Nährstoffe. Steigt die Anzahl der Misteln pro Baum, wird der Baum Zusehens geschwächt.

Doch wie kommt die Mistel auf die Äste der Bäume? Es gibt sowohl männliche als auch weibliche Individuen bei den Misteln. Die weiblichen Exemplare bilden weiße Früchte aus, die bei verschiedenen Vogelarten sehr beliebt sind. Die Samen dieser Früchte bleiben nach der Ausscheidung keimfähig und landen oft an dem gewünschten Platz, nämlich auf einem Ast, und fangen dort an zu keimen. Je mehr Misteln es also gibt, desto mehr Samen werden verbreitet; ein Teufelskreis beginnt.



Die öfter anhaltenden Dürreperioden und der starke Mistelbefall sorgen dafür, dass ältere Bäume geschwächt und dadurch vermehrt absterben. Der Mistelbefall in den Streuobstwiesen ist vor allem im Winter gut ersichtlich, da die Misteln im Gegensatz zu den Obstbäumen, ihre Blätter nicht verlieren. Grünt der Bongert auch im Winter, besteht Handlungsbedarf.

Die einzige Möglichkeit den Mistelbefall einigermaßen in den Griff zu bekommen, ist deren regelmäßige Entfernung. Um dem Baum keinen Schaden zuzufügen, können die Misteln oft nur an der Astoberfläche abgeschnitten werden. Die wurzelähnlichen Organe der Mistel verbleiben dabei in den Ästen und bilden wieder neue Blätter und Früchte aus. Deswegen ist die Regelmäßigkeit bei der Baumpflege entscheidend, um den Infektionsdruck zu reduzieren.




Neben der Pflege der eigenen Streuobstwiese, ist auch die Pflege der umliegenden Bongerten entscheidend.

Entgegen der landläufigen Meinung ist die Laubholz-Mistel, die mittlerweile in fast allen Streuobstwiesen vorkommt, nicht geschützt. Sie sollte bei der routinemäßigen Baumpflege auf jeden Fall entfernt werden. Die Entfernung der Misteln kann man als Streuobstwiesenbesitzer auch selbst vornehmen. Mit Hilfe einer Stangensäge erreicht man die höher liegenden Äste auch ohne Leiter.

Sind Sie an einer professionellen Baumpflege in Ihrer Gemeinde interessiert oder hätten Sie gerne weitere Informationen, um die Misteln in Ihrem Bongert selbst zu entfernen? Dann melden Sie sich beim Natur- & Geopark Mëllerdall.

Natur- & Geopark Mëllerdall
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tel.: +352 / 26 87 82 91-1
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu





NATURA 2000
COPIL Mëllerdall



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité


Fonds pour la protection
de l'environnement





Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuenger Associatioun
fir Betroffener vun engem
Hierschlag



All Dag krëe 4 Leit e Schlag zu Lëtzebuerg - ☎ 112 - Zäit = Gehier

F

Face = Gesicht

Bitten Sie den Patienten zu lächeln. Ist das Lächeln asymmetrisch?



A

Arms = Arme

Bitten Sie den Patienten, beide Arme zu heben. Sinkt ein Arm nach unten?



S

Speech = Sprache

Bitten Sie den Patienten einen einfachen Satz zu wiederholen z.B. der Himmel ist blau. Ist die Sprache verwaschen oder komisch?



T

Time = Zeit

Erkennen Sie eines dieser Symptome: umgehend 112 wählen !



112

Wichtige Informationen für den Rettungsdienst:

- Genaue Uhrzeit des Beginns der Symptome
- Vorerkrankungen und aktuelle Medikation

Zwischenzeitlich:

- Achten auf freie Atemwege!
- Dem Betroffenen nichts zu essen oder zu trinken geben!



Chaque jour 4 personnes ont un AVC au Luxembourg - ☎ 112 - Temps = Cerveau

F

Face = visage

Demandez au patient de sourire. Le sourire est-il asymétrique ?



A

Arms = bras

Demandez-lui de lever les deux bras. Un des deux bras tombe ?



S

Speech = parole

Faites-le parler ou répéter une phrase simple p.ex. le ciel est bleu. A-t-il du mal à parler ou à articuler ?



T

Time = temps

Si le patient présente un de ces signes, appelez immédiatement le 112 !!!



Informations importantes pour les secours :

112

- Heure exacte du début des symptômes
- Antécédents médicaux et traitement actuel

Entretemps :

- Dégagez les voies respiratoires !
- Evitez toute alimentation solide ou liquide !



**LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,
LOOSST IECH NET BEDUCKSEN!**



Amiperas

Schéin Momenter bei der Amiperas Sektoun Noumer

Eng gut zesummenarbecht, engt attraktivt Joer an zefriddenen Senioren, hun di 31. Generalversammlung vun der Amiperas Sektoun Noumer den 20. Mäerz am Clublokal zu Cruchten, geprägt. No de Wëllkommensgréiss vum Maria Souvigné a Wieder vu Merci betreffend di wertvoll Matarbecht, déi am vergaangene Joer zesummen mam Komitee am lokalen Senioreveräin geleescht gin ass, gouf och un di verstuerwe Memberen geduecht.

Aus dem gut gefüllten Aktivitéitsbericht vun der Sekretärin Edmée Hoffmann- Gales gong hervier, dat niewent 7 Comitésitzungen a véier Portes- ouvertes, internen Gebuertsdaysfeieren, Ausflig mat interessanten Besichtigungen, der onvergiesslicher Vakanz, dem Grillfest, der Chrëschtfeier an der flotter Pappen- Mammenfeier, jiddereen e puer angenehm Stonnen mateeneen konnt verbréngen.

Als éischt fir 2024 steet eng Porte-ouverte den 17. Abrël niewt der Bedeelegung um Télévie-Dag den 20. Abrël zu Noumer um Programm. Grillfest ass fir den 17. Juni geplangt. Den Keessier Lucien Schaus konnt e positive Finanzbericht virleéen, den och vun de Keesserevisoren Jos Aubart an Fränz Hoffmann als exakt bestatigt gouf.

Och der Gemeng Noumer gouf villmols Merci gesoot fir hire finanziellen Beitrag. A senger Laudatio huet Buergermeeschtesch Sophie Diderrich di vill Aktivitéiten vum Senioreveräin geluewt, op den Télévie-Dag dest Joer zu Noumer higewissen an och an Zukunft di weider Ënnerstétzung vun der Gemeng zougesoot. Beim Punkt Verschiddenes: huet de Comité d'Id-dien, Virschléi an Zukunftsaktivitéiten vun der Versammlung och gären zur Kenntnis geholl. Vir d'Erweiderung vum aktuelle Komitee war keng Kandidatur eragaangen, den elo nach wi vor esou ausgesäit: Edmée Hoffmann (Sekretärin); Lucien Schaus (Keessier). Memberen bliwen: Germaine Biren, Triny Fantin, Maria Souvigné an Marianne Olsem.



Text a Foto: Charles Reiser



Elterevereenegung

NEWS

Zweet Editioun vu Geschichten um Haff Trifolie

Freides, den 29. März huet d'Betsy Dentzer eis scho fir d'zweet seng wonnerbar Geschichten an engem richtig flotte Kader erzielt. Mir haten 2 ausgebuchte Virstellungen mat 150 Kanner an Erwuessenen. E spezielle Merci geet un den Haff Trifolie, deen eis esou häerzlech empfaang huet!



Museksfrënn Gemeng Noumer

Alles am Zeeche vum Télévie

Den Télévie huet jo an den éischte véier Méint vum Joer d'Veräinsliewen an der Gemeng Noumer dominéiert. All Manifestatioune vun de Veräiner si fir de Centre de Promesse Télévie Noumer organiséiert ginn. Esou och Aktivitéite vun de Museksfrënn Gemeng Noumer.

Fréijoersconcert 2024

De Concert deem d'Museksfrënn Gemeng Noumer matt hirem Jugendensembl de Sonndeg, 24.Mäerz 2024, am Centre Culturel zu Kruuchte gespillt hu war schonn eng speziell Editioun. Et war déi éischte Kéier, dass mir eng Organisatioun als „Green Events“ organiséiert haten an et war och déi éischte Kéier, dass mir de Concert ënnert een Thema gesat hunn an zwar ënnert dem Motto „100 Joer Disney“. Wéi an de leschte Jore konnte mir och dëst Joer eng etlech Musikant/inne fir hir Verdéngschter an der UGDA éieren.



De Jugendensembl vun de Museksfrënn Gemeng Noumer



Eng Gruppfoto vun de Museksfrënn Gemeng Noumer



Bis op déi leschte Platz gefëllte Sall



Quizowend

De Quizowend deen d'Museksfrënn Gemeng Noumer Samschdes, de 6. Abrëll 2024, am Centre Culturel zu Kruuchten organiséiert hunn war och een Novum. En Event, dee mir extra fir den Télévie organiséiert hunn. Och hei war de Sall bis op déi lescht Plaz besat an et war de ganzen Owend duerch eng wierklech flott Stëmmung am Sall. Och nach eng Kéier Merci un eis zwee Animateuren deen Owend: dem Doris an dem Alain.





Well déi zwou Manifestatiounen, de Fréijoersconcert an och de Quizowend, extrem gutt besicht ware konnte mir och e groussen Deel vun eise Recetten um groussen Téléviedag den 20. Abrëll zu Noumer un den Télévie spenden. Eise President, den Alain Ries, konnt e Scheck vu 5000€ iwwerreechen. Heimat wëlle mir awer och nach eng Kéier d'Geleeënheet notzen alle Leit déi eis an de leschte Joren an awer och speziell an dësem Joer ënnerstëtzt hunn nach eng Kéier Villmools Merci soen. Ouni är Ënnerstëtzung wär dat net méiglech gewiescht. E grouse Merci un iech alleguer!



Mam Vëlo an d'Schoul



Mam Vëlo an d'Schoul Noumer 2023

Dat waren:

- ✓ 15 Deeg um Vëlo tëscht Schrondeweiler an Noumer
- ✓ 2 Deeg um Vëlo, begleet vun der Police, tëscht Kruuchten an Noumer
- ✓ Bis zu 84 Leit pro Dag déi matgefuer sinn
- ✓ 955 Allez-Retouren
- ✓ 4717KM
- ✓ 80'067 Héichtemeter

A virun allem: Vill Spaass, Bewegung a flott Gesellschaft ënnerwee!





Mam Vëlo an d'Schoul Noumer 2024

Dat soll ginn:

- ✓ Op manst genau sou vill Spass a Freed beim Vëlo Fueren!
- ✓ Op manst genau esou vill flott Gesellschaft an néi Frëndschaften!

Wéini:

- ✓ Schrondweiler-Noumer vum 24 Juni bis den 15 Juli
- ✓ Kruuchten-Noumer den 28 Juni a 5 Juli

Mir freeën eis schonn op iech!



Text a Fotoen : Carmen Weisgerber

Permakultur um Luusshaff



PERMAKULTUR UM LUUSHAFF

Den 1. Abrëll 2024 hat de Luusshaff
d'Kanner an hir Elteren invitéiert op seng traditionell

OUSCHTEREEËRSICHAKTIOUN

am Gemeinschaftsgaart



Zum Schluss vun der Sichaktioun gouf et niéwt Gedrénks och nach eng Portioun Chili oder eppes vum Grill.

Den Erléis vun der Aktivitéit giong un den dësjähregen Télévie.



Leben ohne Pestizide

Weniger Gift für mehr Artenvielfalt

Pestizide sind schwer abbaubar, reichern sich im Boden und den Gewässern an und gelangen früher oder später in unsere Nahrungskette. Durch ihre unspezifische Wirkungsweise töten sie auch viele nützliche Insekten und Pflanzen. Deshalb sind Pestizide mit Vorsicht zu behandeln und sollten wenn immer möglich vermieden werden.

Alternativen

- Hacken, Kratzen, gezieltes Mulchen, bzw. Abdecken mit Stroh.
- Zusätzliche Strukturen im naturnahen Garten (Bsp. Insektenhotel, Totholzhaufen).
- Natürliche Schädlingsbekämpfung durch Einsatz von speziellen Kräutern.
- Schneckenäune, Leimringe um Obstbäume oder Gelbtafeln aufstellen.

Vivre sans pesticides

Moins de poison pour plus de biodiversité

Les pesticides se dégradent difficilement, s'accumulent dans le sol et les masses d'eau. Par conséquent, ceux-ci entrent tôt ou tard dans notre chaîne alimentaire. En raison de leur mode d'action non spécifique, ils tuent également de nombreux insectes et plantes bénéfiques. Pour cette raison, les pesticides doivent être traités avec prudence et évités dans la mesure du possible.

Alternatives

- Binage, grattage, paillage ciblé ou couverture de paille.
- Structures supplémentaires dans le jardin naturel (par ex., hôtel à insectes, piles de bois mort).
- Lutte naturelle contre les parasites grâce à l'utilisation d'herbes spécifiques.
- Posez des barrières à escargots, collez des anneaux autour des arbres fruitiers ou des piège de colle.

Information Informations

Kennen Sie den Unterschied? Connaissez-vous la différence ?

Herbizide töten Pflanzen oder beeinträchtigen deren Wuchs oder hemmen die Ausbreitung. Durch ihre Wurzeln gelangen die Schadstoffe in unser Grundwasser.



Les **herbicides** tuent les plantes, nuisent à leur croissance, ou empêchent leur propagation. Les polluants pénètrent dans nos eaux souterraines par leurs racines.

Nematizide wirken gegen Fadenwürmer.



Les **nématicides** sont efficaces contre les nématodes.

Fungizide wirken dem parasitären Pilzbefall entgegen und töten deren Sporen ab.



Les **fongicides** s'opposent à l'infestation par les champignons parasites et tuent leurs spores.

Rodentizide werden drinnen und draußen gegen Nagetiere eingesetzt.



Les **rodenticides** sont utilisés à l'intérieur et à l'extérieur contre les rongeurs.

Molluskizide werden eingesetzt, um Schnecken zu bekämpfen.



Les **molluscicides** sont utilisés pour lutter contre les escargots.

Insektizide dienen der Abtötung, Vertreibung oder Beeinträchtigung der Fortpflanzung von Insekten.



Les **insecticides** sont utilisés pour tuer, chasser ou empêcher la reproduction des insectes.

Korrekt entsorgen



Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht® Ressourcencenter

Elimination correcte



Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht® Centre de ressources



Woche ohne Pestizide • Semaine sans pesticides

20.03.2024 - 30.03.2024

www.ounipestiziden.lu



Schoul



D'Woch vum Buch 2024 am Cycle 1 précoco Noumer zum Thema: „Fair mateneen ëmgoen“

Am Kader vun der Bicherwoch huet sech am Cycle 1 Précoco viles ronderëm d'Thema Fairness am Ëmgang ee mat deem anere gedréint.



Dobäi gouf virun allem di flott Geschicht „**Erster sein**“ am Précoco behandelt. Mat Hëllef vum Kamishibai gouf d'Geschicht ganz anschaulich erzielt a gouf dunn och dono vun de Kanner als Rollespill nogespillt.

D'Klassereegelen fir ee flott

Zesummeliewen a Spille goufe nach eemol widderholl an déi 3 wichtegst, sou wéi och eise Klassenlogan vun dësem Schouljoer „Partager c'est plus gai“ hu mat individuellem Handofdrock eng Plaz am Portfolio vun all Kand fonnt.



Am Turnen, sou wéi och am Fräispill loung den Akzent een op deen aneren ze lauschteren an sech mam Partner eens ze maache fir gemeinsam ze spillen an ze schaffen.

Den Dag vum Bam



Den Dag vum Bam, dee jo all Joer am November ass, hu mir dëst d'Joer an de Mäerz verluucht. D'Wieder huet deen Dag gutt matgespillt a mir konnten e puer flotter a sonnig Stonnen am Bësch an op der Gewan verbréngen. De Fierschter a seng Equipe hunn eis e ganze Moien interessant Aktivitéiten zum Thema Bësch, d'Aarbecht am Bësch an Holz ugebueden. Mat vill Virwëtz an Äifer konnte mir nokucken, wéi Holz gespalt gëtt an hunn dunn och selwer dierfe probéieren.



Duerno si mir gewuer ginn, wat eng Kouert Holz ass a mir hu se misse vun enger Platz op déi aner transportéieren. An d'Zäit ass gestoppt ginn 😊!



Mir sinn engem Schaffpäerd begéint a waren impressionéiert vu senger Gréisst awer och vu senger Rou. Am Team hu mir duerno en decke, schwéierer Bamstamm gezunn. Mir konnten nach nokucken, wéi aus engem Bamstamm mat der Motorsee e Konschtwierk entstan ass, éiert et dunn op den traditionellen Kascht gaang ass, organiséiert wéi all Joer vun der Ëmweltkommissioun. No enger Gudder Stärkung mat engem Wupp an engem Stéck Taart si mer dunn nees an d'Schoul getrëppelt.



Projet vum Cycle 3 zum Dag vum Buch 2024 zum Thema „Fair mateneen ëmgoen“



De Cycle 3.1 an 3.2 huet sech iwwert e puer Woche mam **fairen Handel** beschäftigt. Um Ufloss un d'Geschicht „**Schokola aus Afrika**“ vum Mireille de Waha hu mir eis besonnesch mat dem Ubau vu Kakao ausenee gesat. Heibäi hu mir d' Aarbechts- a Liewensbedingunge vun de Kakaosbauren bei konventionellem a bei fairem Handel matenee verglach. An och d'Kanneraarbecht an hir Auswierkunge goufen thematiséiert.

Mir hunn de Maya an Azteken hirt hellegt Kakaogedrénks „Xocolatl“ nogebraut an hu vill verschidden Zorte Fairtrade-Schokola mat ënnerschiddlechem Kakaoundeel probéiert an e Ranking opgestallt.



A Form vun Elfchen hu mir Reklammen fir verschidde Produkter aus fairem Handel geschriwwen a mir hu selwer Fairtrade-Labelen entworfen.



Zum Ofschluss vun eisem Projet hu mir aus fair gehandelten Zutaten Energiebällchercher a Quinoa-Schoko-Snacken higestallt, Banannebrout an Erdnossmuffins gebak, Schmiere mat fairem Schokolabotter geschmiert, a faire Schocki a Banannemëllech gemixt. Dës fair a lecker Snacken hu mir an enger Paus fir de gudden Zweck verkat. A natierlech hu mir eis se och selwer gutt schmaache gelooss.




Eise FAIRE Pausesnack-
fir de gudden Zweck



Virliessconcours am Cycle 4

Wéi all Joer ass de Cycle 4 och 2024 dem Opruff vum SCRIPT nokomm an huet sech um Virliessconcours bedeelegt.



Vun dësem Joer un ginn et hei e puer Neierungen. Fir déi 1. Etapp an der Schoul gëtt keen Thema méi virginn, ma d'Kanner kënnen fräi wielen aus wéi engem Buch an enger vun den 3 Schoulsproochen si en Extrait virliese wëllen. Fir déi regional Véirelsfinal gi si eng zweet Sprooch un, woubäi elo och Englesch erlaabt ass. D'Gewënner(innen) aus all Regioun trieden duerno an der Halleffinall um SCRIPT un, a schliisslech gëtt et dann nach eng Finall op Landesebene.

9 motivéiert Kanner aus der Noumer Grondschoul haten sech während puer Wochen op dëse Moment virbereet, andeem si fläisseg geübt hunn, hiren Auszuch aus engem selwergewielten Buch fléissend, däitlech an ausdrucksvoll virzeliesen.

Den 23. Februar, den Dag vun hirem Optrëtt am Festsall, ass dëst hinnen all wonnerbar gelongen. D'Jury, déi sech aus Schüler(innen) a Léierpersonal zesumme gesat huet, huet gespaant nogelauschtert a Punkte verdeelt. Sou ass 1 Gewënner(in) aus all Klass bestëmmt ginn. Dës goufe mat engem Guttschäin aus enger Librairie belount.



All Participante kruten en Trouschtpräis an e Certificat vu LevelUp.

LevelUp ass e neie Projet vum SCRIPT mat deem pedagogesch sënnvoll

Concoursen a verschiddeenen Kategorien gefërdert ginn.



Enn Mäerz huet eis Schoulgewënnerin sech mat engem däitschen onbekannten Text an engem lëtzebuergeschen bekannten Extrait hire Konkurrent(inn)en aus der Regioun gestallt.



Projet „Fro de Bauer“

De Cycle 4 huet dëst Joer um Projet « Fro de Bauer » deelgeholl. Dëst ass eng Initiative vun der Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren, déi och an de Schoulen iwwert landwirtschaftlech Themen informéieren an opklären.

Et goufen puer Visite vun hinne bei eis an der Schoul, wou mir a flotten Ateliere vill Neies am Beräich vun der Landwirtschaft kennegeléiert hunn.

Mëttwochs, de 15. Mee konnt de ganze Cycle 4 dunn e Bauerenhaff zu Hënsdref besiche goen.



Wei mir zu Hënsdref um Sonnebierg ukomm sinn, hu mir d'Leit vum Haff net direkt fonnt. Mir kruten d'Waardezäit awer gutt ëm a si scho mol d'Päerd kucke gaang.



Wéi déi 2 Madamme vu "Fro de Bauer" do waren, si mir an de Päerdsstall gaang. Do krute mir erklärt wat Päerd iessen a mir hu misse ganz roueg sinn, fir dass d'Päerd net fäerten a fortlafen. Duerno si mir weider bei eng Wiss mat Schof gaangen. Do goufen et hell a schwarz Schof. Mir kruten erklärt, dass schwarz Schof um Laf vun der Zäit hier Faarf nach kënne wiesselen.

Schéin Déiere waren och d'Toulouse-Gänsen. Si haten eréischt puer Méint. Mir krute gesot, dass ee Gänsenee dat 3-facht vun engem Hingeree ass.

Kuerz duerno si mir weider an de Koustall gaang. Do krute mer déi verschidde Rasse gewise wéi zum Beispill Limousin, Charolais oder och de Red Angus. Mir hu geléiert wat si iessen a wéi een déi verschidde Rassen ënnerscheede kann.

Du soten d'Jofferen: „Et ass 10 op 10, dir kënnt elo iessen ! «



Zum Schluss si mir bis ganz erop op de Bierg gefuer, wou mir d'Spargel-felder gewise kruten. Mir hunn erklärt kritt, dass gréng Spargelen gréng sinn, well se der Sonn ausgesat sinn, mee et u sech dat selwescht ass wéi di wäiss.

Mir waren iwwerrascht ze gesi wat fir eng schwéier Aarbecht dat ass fir Spargelen ze stiechen.

Duerno hu mir eis mat neien Andréck rëm zrëck op Noumer gemaach.



Visite vun der Schoulfoire



Méindes, den 22. Abrëll ass de Cycle 4.1 mam Bummelbus / Zuch / Finuculaire an Tram op de Kierchbierg an d'Luxexpo op d'Schoulfoire gefuer. Well mir och scho ganz geschwënn an de Lycée ginn, hu mir eis do iwwer verschidde Schoulen informéiert, déi eis intresséiert hunn.

Duerno hu mir eis a Gruppen opgedeelt fir e puer vun deene ville flotte Stänn



kennen ze entdecken. Do gouf et zum Beispill e Coiffeur Salon wou ee Poppe konnt coifféieren.

Mir hunn och ee Roboter programméiert a konnte Fliedermausskeletter ënnert d'Lupp huelen an analyséieren. Mir haten iwwerall vill Spaass. Mir hunn zesummen zu Mëtteg eise Picknick giess an op der Foire gouf et och nach Popcorn, dee war ganz lecker.



Um Enn vum Dag hate mir vill Informatiounen gesammelt an Ideeën wou mer spéider wëllen higoen.



Télévie 2024



13 333 Euro! Des riseg Zomm stoung um Scheck, deen am Numm vun de Kanner aus der Grondschoul vu Noumer um groussem Téléviesdag konnt iwwerrecht ginn. D'Kanner, wéi och hier Elteren a Famill, aus alle Cyclen waren dorunner mat diversen Aktiounen an Aktivitéite bedeelegt.

- Adventsfenster-Owend
- Stee vun engem Objet pro Klass
- Schoulbuttik
- Sponsored Triathlon
- Floumaart vu Spillsaachen a Bicher
- Fairtrade Frühstück

Fir jiddereen war et eng ustrengend, ma och flott Zäit. Mir si stolz op d'Resultat a soen och nach emol jidderengem dee bedeelegt war een décke Merci!









Garderie Butzenhaff Kruuchten



GARDERIE BUTZENHAFF

Aktivitéiten am Mee 2024

-semaine Fairtrade vum 1-15 Mee:



Den 7.5 hate mer ee flotten Fairtrade Frühstück an den 14. Mee kruten d'Elteren ee gudde Fairtrade Kaffi „to go“ D'Kanner konnten den Dag virdrun hëllefen d'Kaffisboune muelen.



-semaine de l'enfance vum 4-11 Mee zum Thema:



„Léieren eng spilleresch Affär. Kommt an entdeckt déi non-formal Bildung“ D'Kanner hunn d'Gefiller an d'Emotiounen spilleresch duerch Aktivitéiten a Bicher zu dësem Thema kenne geléiert.



-Spill an Bewegung an der Garderie






-Aktivitéit zum Thema Bienveillance:

All Kand huet ee Recht op Bildung a Participatioun am Alldag.



De Bibliobus ass den 22.5 bei d'Garderie komm an d'Kanner konnten sech selwer Bicher eraus sichen an eenzel oder mat Frënn zesummen ukucken.



-Mir hunn am Abrëll Télévie Gadgets verkaf.



Déi gesammelt Suen sinn un den Télévie 2024 gepend ginn.

Ee grouse Merci un all Persoun déi eis dobäi ennerstëtzt huet. 😊

D'Ekipp Garderie Butzenhaff

Maison Relais Noumer

EIS AUSFLIG AN DER SUMMERSVAKANZ

Rees em déi Welt



Mëttwochs, 17. Juli

Ausflug:
Sënnersäich

Auschreibung w.e.g. vun
08h00 - 18h00



Mëttwochs, 24. Juli

Ausflug:
Spillplatz Miersch mat
Picknick

Auschreibung w.e.g.
vun 8h00 - 16h00 Auer



Mëttwochs, 31. Juli

Ausflug:
Parc Merveilleux

Auschreibung w.e.g. vun
08h00 - 18-00 Auer

Bemierkungen

- Passend Kleeder mat bréngen
- E Rucksack an ee Bidon mat bréngen
- Wiesel Kleeder mat bréngen

EIS AUSFLIEG AN DER SUMMERVAKANZ

Rees em déi Welt



Mëttwochs, 07. August

Ausflug an Stad

Abschreibung w.e.g. vun
08h00 - 18-00 Auer



Mëttwochs, 14. August

Ausflug

Schwëmm

Colmar Berg

Abschreibung vun
08h00 - 18h00 Auer



Mëttwochs, 21. August

Ausflug:

Pedalboot zu

Echternach

Abschreibung w.e.g. vun
08h00 - 18h00 Auer

Bemierkungen

- Passend Kleeder mat bréngen
- E Rucksack an e Bidon mat bréngen
- Schwammsachen mat bréngen
- Wiesel Kleeder mat bréngen

EIS AUSFLIEG AN DER SUMMERVAKANZ

Rees em déi Welt



Mëttwochs, 28. August

Ausfluch:

Cycle 1: Bauerenhaff
Aschreiwung 10-16 Auer
Science Center (Cycle 2-4)
Aschreiwung w.e.g vun
7h00 - 16h00 Auer



Mëttwochs, 04. September

Ausfluch:

Schwëmm
zu Miersch

Aschreiwung w.e.g vun
8h00-18h00 Auer



Mëttwochs, 11. September

Ausfluch:

Nommerlayen
Camping

Aschreiwung w.e.g. vun
10h00-16h00 Auer

Bemierkungen

- Passend Kleeder mat bréngen
- E Rucksack an e Bidon mat bréngen
- Schwammsachen mat bréngen
- Wiesel Kleeder mat bréngen

7. – 20. Oktober 2024

semaines de la santé *mentale*

Déi Jonk stäerken,
d'Zukunft gestalten.

semainesantementale.lu





Wat? Am Zelt schlofen, Spaß hunn, mat senge Frenn Zäit verbréngen, grillen an e gudder Marshmallow beim Lagerfeier iessen.

Fir ween? Fir all d'Noumer Schoukanner an hir Elteren, vum C1 - C4.
Är Kanner müssen vun mindestens engem Erwuessenen begleet sinn.
Iwwernuechten am eegenen Zelt.

Wéini? 13. Juli ab 16h00 bis 14. Juli nom gemeinsame Kaffi.
Et kann een och kommen ouni do ze schlofen.

Wou? um Luusshaff zu Schrondeweiler



VALORLUX

BE
THE
CHANGE



Créez un compte Valorlux et commandez vos sacs bleus en ligne!
Livraison gratuite à domicile ou retrait aux stations d'essence « Aral »



Erstellen Sie Ihr Valorlux-Konto und bestellen Sie Ihre blauen Säcke online!
Gratis Lieferung nach Hause oder Abholung an den „Aral“-Tankstellen

BICHERBUS

vu 14:10 bis 15:00
zu Kruuchten op der Gare

04. Juli
25. Juli
26. September
17. Oktober

Service Bicherbus: 26 55 9 - 240
<https://bnl.public.lu>

